

## d'Peffermillen

"Wir fordern die Vereinten Nationen sowie die Vertreter aller Regierungen auf, sich nachhaltig mit allen ihnen zur Verfügung stehenden Mitteln für Abrüstung und die Vernichtung der Massenvernichtungswaffen einzusetzen. Wir richten an den Präsidenten der USA die dringende Bitte, die Neutronenbombe nicht serienmässig herstellen zu lassen. (...) Wir verurteilen die Perversion (Umkehrung) der Werte, die darin zum Ausdruck kommt, dass die Neutronenbombe Gebäude und tote Materie schont, alles Leben aber tötet." Dies sind drei Kernsätze aus dem Aufruf von Pax Christi Deutschland zur Unterschriftensammlung gegen die Neutronenbombe und für Abrüstung. Luxemburgs katholische Tageszeitung "entschuldigt" die perverse Bombe, und die offiziellen Kirchenstellen schweigen. Trotz unserer Winzigkeit halten wir oft stolz darauf, in der Weltgeschichte mitzumischen. Werden wir hier nicht weiter reagieren? Sollte die Luxemburger Pax Christi Gruppe sich der Unterschriftensammlung anschliessen, würden wir ihr gerne unsere Spalten zur Verfügung stellen.

csst

De Koschter muss der CSV an all deene Recht gin, di am sougenannten Tripartite-Gesetz vum 24.12.1977 (Mémorial A 1977 -No 79, pp. 2702-2710) e geféierlechen Schrëtt zum "Ständestaat" gesin. Am Artikel 21 as tatsächlech virgesin, dass zwee Patronats- oder zwee Gewerkschaftsvertrieder déifgräifend wirtschaftlech a sozial Mesüren kënne verhenneren; je 3 där Vertrieder kënnen se ausléisen. De Koschter hat gehofft, dass eng Regierung di ennert Virzeechen vu Liberalismus a Sozialismus ugetrueden as, au contraire "méi Demokratie géif woen", wi de Willy Brandt et emol formuléiert hat. Bis elo gouf en an där Hinsicht schwéier enttäuscht. D'Bierger hu nach nët méi Matsproochméiglechkeeten wi zu Zäiten vun der CSV. m.p.

Oft genug gouf schon hei di sougenannt Brejnew-Doktrin ugeklot, no där d'UdSSR d'Recht hätt an "befrëndte" Staaten militäresch unzegräifen, wann de Sozialismus - hierer Meenung no - a Gefor as. De kale Machtpolitiker Henry Kissinger an de NATO-Chef Alexander Haig, haten eng ëmgekéiert Doktrin opgestallt fier de Fall wu - hierer Meenung no - an Europa d'Demokratie wéinst kommunistescher Regierungsbedeeling a Gefor wier. Hat de Jimmy Carter op e bëssche méi Moral an der US-Aussepolitik hoffe geloss, su schéingt déi Illusioun och elo definitiv flecten ze goen.

Während en bei séngem Neijoersbesuch am Iran de Schah ouni Aschränkung gelueft huet a kee Pipjeswuert iwert d'Nët-beuechte vun de Menscherechter am persesche Keeserräich verluer huet, huet en sech ufanks Januar erlaabt, offiziell eng Partizipatioun vun der KPI un der italienescher Regierung als fier d'USA inakzeptabel hinzustellen. Sëcher, vun enger Interventioun wi där russescher 1968 an der CSSR si mer nach wäit eweg, mä vergiesse mer nët di ganz aktiv Roll vun den USA beim Pinochet séngem Putsch géint d'Allende-Regierung am Chili! Di italienesch a franséisch Regierungen hun an Tëschenzäit géint di amerikanesch Interventioun an d'änner Affären vun hiere Länner protestéiert. Dem Koschter schéngt awer nët, wie wann éng Interventioun u sech dat schlëmmst bei där Saach as, well hie fuerdert jo och Amëschung vu baussen am Ostblock, am Chili, asw. Schlëmmer schéngt him dat schizofreent Verständnis, dat d'Amerikaner vun Demokratie ze hun schéngen: d'Vollek därerf souverän séng Vertrieder wielen, mä et därerf nët egal wien wielen, soss as d'Demokratie a Gefor!? Géif nët éischer eng US-Interventioun, wi am Chili, d'Demokratie a Gefor bréngen?

m.p.

Ein Archäologe aus dem Jesuitenorden, der in Jerusalem Ausgrabungen gemacht hat, kommt in höchster Aufregung nach Rom zum General seines Ordens und teilt ihm mit, dass er das Grab Jesu entdeckt habe.

"Das ist ja wunderbar!" sagt der General.

"Mag sein", sagt der Archäologe, "aber das Grab war nicht leer. Das Skelett Jesu lag drin."

"Was Sie nicht sagen!" ruft der General erstaunt. "Dann hat er ja wirklich gelebt!"